N°3308
Entrée le 14.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

La Ministre déléguée auprès du Premier ministre, chargée des Médias et de la Connectivité

**Äntwert vun der delegéierter Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit, Elisabeth MARGUE, a vun der Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit, Yuriko BACKES, op d'parlamentaresch Fro n° 3308 vum 8. Dezember 2025 vum honorabelen Deputéierten Fred KEUP.**

1) **Wéi eng finanziell Ënnerstëtzung kritt queer.lu pro Joer vum Staatsministère a vum Chancegläichheetsministère?**

   Queer.lu, ass ee Projet a Form vun enger Publikatioun vum Rainbow Center, déi souwuel als Printeditioun, wéi och online zur Verfügung steet. D'Originne vu queer.lu ginn zeréck bei d'Grënnung vum Rainbow Center am Joer 2023. Dëse gëtt geréiert vu Rosa Lëtzebuerg, eng asbl déi sech em d'Interessie vun LGBTIQ+ Communautéite këmmert, an déi 2023 eng Konventioun mam deemolege Ministère fir Famill, Integratioun an der Groussregioun (MIFA) ofgeschloss hat. Béid Projeten, dat heescht zum engen queer.lu als Online-Projet, zum aneren d'Kreatioun an d'Publikatioun vun engem trimesterielle Journal fir d'LGBTIQ+ Communautéiten zu Lëtzebuerg, sinn an der Annexe vun der Konventioun 2023 opgelëscht. Déi zwee Projete sinn haut als Eenheet ze betruechten.

   An der Folleg vum Regierungswiessel am November 2023 sinn d'Kompetenzen am Beräich LGBTIQ+ vum Ministère fir Gläichstellung an Diversitéit (MEGA) iwwerholl ginn, an deemno huet de MEGA och all d'Konventioune vum MIFA iwwerholl, déi am Beräich LGBTIQ+ matt verschidden Acteuren aus der Zivilgesellschaft bestanen hunn. D'Konventioun zwëschent Rosa Lëtzebuerg an dem MEGA besteet säit dem 1. Januar 2024.[1]

   Déi finanziell Ënnerstëtzung duerch de fréieren MIFA fir de Projet queer.lu, war fir d'Joer 2023 ee Montant vun 10.657,87 EUR, an déi vum MEGA fir d'Joer 2024 vun 30.978,46 EUR. Fir d'Joer 2025 huet Rosa Lëtzebuerg 25.000 EUR beim MEGA fir dëse Projet ugefrot, mä den Decompte gouf nach net gemaach.

   D'Weiderentwécklung vun der Publikatioun queer.lu gëtt dann am Kader vun enger dräijäreger Konventioun (2025–2028) tëschent dem Staat an der Associatioun Rosa Lëtzebuerg a.s.b.l. ënnerstëtzt. D'Konventioun gouf op Decisioun vum Premier Minister nom positiven Avis vun der Kommissioun « Aide à la Presse » ënnerschriwwen, sou wéi vum Gesetz vum 30 Juli 2021 relative à un régime d'aides en faveur du journalisme professionnel virgesinn. D'Finanzéierung ass zweckgebonnen, gëtt vum Staat järlech kontrolléiert an däerf net fir aner Aktivitéite benotzt ginn an all Form vun engem duebele Finanzement ass ënnersot.

[1] D'Konventioune vum MEGA ënnerscheeden sech an der Form vun de Konventioune mam deemolege Ministère vun der Famill, der Integratioun an der Groussregioun andeems de MEGA keng Projetslëschten an d'Konventiounen integréiert. Deementspriechend ass de Projet queer.lu och an de Konventioune fir 2024 an 2025 net explizit opgelëscht. An de jeeweilegen Decompten ginn d'Projeten an déi jeeweileg Depensen awer explizit a getrennt opgefouert.

D'finanziell Ënnerstëtzung bedréit 100.000 Euro pro Joer an deckt d'Aktivitéiten, déi am Artikel 1 vun der Konventioun definéiert sinn. Dës enthale ë. a.:

- d'Redaktioun, d'Layout an d'Diffusioun vun enger gedréckter Publikatioun, déi op mannst véiermol d'Joer erauskënnt, ergänzt duerch eng reegelméisseg aktualiséiert Online-Versioun;
- d'Weiderentwécklung vum Site queer.lu;
- d'Organisatioun vun edukativen, kulturellen a soziale Projeten am Interêt vun der LGBTIQ+-Communautéit an der Lutte géint DisKriminatioun;
- d'Kollaboratioun mat aner Organisatiounen am Beräich vun de Mënscherechter;
- d'Respektéiere vun de journalistesch-ethesche Standarden an dem legale Kader vun der Meenungsfräiheet;
- e verantwortungsvolle Gebrauch vu kënschtlecher Intelligenz, ausschliisslech als Ergänzung zu mënschlecher Aarbecht.

D'Ënnerstëtzung vun engem Biergermedium wéi queer.lu resultéiert aus enger mediepolitescher Orientatioun, déi de Pluralismus, d'Diversitéit vun de Meenungen an d'Fräiheet vun der künstlerescher a politescher Ausdrocksform schützt. Dëst ass am Präambel vun der Konventioun explizit festgehalen, wou ë. a. betount gëtt:

- de Beitrag vu Medias citoyens zum Recht op Informatioun a Meenungsfräiheet;
- hir Roll fir Pluralismus, Diversitéit a Representatioun vu soziale Gruppen;
- hiren Opschloss un Inklusioun, edukativ Missiounen a Kooperatioun am Mënscherechtsberäich.

D'Regierung wëll allgemeng hei nach eng Kéier d'Wichtegkeet vun der Meenungs- a Pressefräiheet rappeléieren.

2) **Deelt d'Regierung d'Usiichte vu queer.lu, déi dozou opruffen, den ëffentleche Raum onkontrolléiert zouzepechen, ë.a. mat Messagen, ewéi "Stierw(sic!) Finanzplaz"?**
3) **Wéi ass et an den Ae vun der Regierung ze verantworten, datt si eng Zäitschrëft ënnerstëtzt, déi déi uewe genannten Inhalter publizéiert?**

D'Formulatioun vun dëser Froestellung baséiert op der perséinlecher Interpretatioun, déi den Här Deputéierte vum klenge Comic vum Konschtkollektiv Richtung22, dee fir satiresch Inhalter bekannt ass, innerhalb vun der concernéierter Ausgab vu queer.lu mécht.

Lëtzebuerg, den 14. Januar 2026

Déi Delegéiert Ministesch beim Premierminister
fir Medien a Connectivitéit

(s.) Elisabeth MARGUE